Diddeleng 1931 – 1932

Well mer hei scho bei Radio Diddeleng sin, also Diddeleng och e Radio huet ass et emol interessant nozekucken wéi d'Radioslandschaft op Lëtzebuerg entstanen ass an evoluéiert huet.

Zenter 1920 gouf et zu Lëtzebuerg schon d'Association luxembourgeoise des amis de la T.S.F. Duerch Enn Dezember 1930 gett en Ofkommen vum deemolegen Staatsminister Pierre Dupong ennerzeechent dat der "Société luxembourgeoise d'Etudes Radiophoniques" de Monopol fir d'Radiodiffusion iwwerdréit. Den 31. Mee 1931 ass de Grëndungsdatum vu "Radio Luxembourg", an d'Gesellschaft déi dese Radio exploitéiert an och de Monopol fir eist Land huet war Compagnie luxembourgeoise de radiodiffusion. An der Villa Louvigny gett e Studio agericht an och déi éischt Antenne zu Junglinster. Un desem Monopol gëtt dann och net méi gerannert trotz periodesch entspriechen politesch Tendenzen, déi ëmmer erem opdauchen. Wärend dem Krich ass et ruheg em des Monopolstellung déi d'Preise virufléiren, wann och ennert dem Deutschland Funk. Fir d'Lëtzebuerger, wéinechstens déi ächt, war d'BBC, also "den Englänner méi wichteg an interessant. Nom Krich kum erem alles an dat normalt lëtzebuergescht Gleis, mat der Monopolstellung: Televisioun brengt méi Beweegung an d'Medielandschaft an de Radio hett méi an den Hannergrond. D'Laangwellen vu Lëtzebuerg gin haptsächlech mat franséischem Programm gefiedert an och gelauschtert. Déi UKW fir Centre ass méi op däitschen Ennerhalt ausgericht.

Wéi gesot déi meescht Lëtzebuerger fannen sech mat dese Systeme of mä et gin awer och Leit déi emol selwer gäre Radio machen. Mä eis Gesetzgebung léisst dann net gon an fir Verfolgung a Beschlagnahmung vum Material an Antenn ze eingoen dënke sech e puer ganz Verwegener einfach déi Säit der Grenz op Arel ze goen → (1a)

Wéi schon an der verrichter Sendung gesot hëlt d'Wirtschaftskris nach ëmmer zou an dat och am Joer 1931. Besonnesch och d'Eisenindustrie ass hierunner betraff an dementspriechend och Diddeleng. Sou gin am März 1931 240 Arbechtsplazen an de Schmelzen ofgebaut. Diddelenger Gemengeverwaltung reagéiert a léisst Noutstandsarbechten ausféieren, Grondaarbecht fir 203 Chomeuren ze beschäftegen. Et waren dest 81 Lëtzebuerger an 122 Auslänner. Mat dese Zuelen gesait ee dass ... Auslänner ...

1932 verschärft sech Kris nach weider. D'Schmelzarbechter kommen ëmmer méi

No desem Exkurs iwwert d'Radioslandschaft zu Lëtzebuerg zenter 1930 elo erem zeréck zu Diddel. a schwéieren Zeiten

1981 entsteet eso de Radio fräie Fluessféinkelchen. No an no gëtt bei eis dese Sender bekannt an ~~aus~~ den 26ten August 1985 starte méi Kurageiërter de Radio 104 zu Monnerech. 3 Méint duerno, ~~September~~ gët och Radio-Center Minett vun Differdeng aus op Sendung. Aus desem Sender opléist sech Radio Challenger of.

Den 31 Januar 1986 ass Radio Ere 2000 vun Esch aus am Äther. Des Well fa vu Pirat Sender, ~~reiwd~~ wéi se genannt gin an och vum Stat duergestallt, reisst sech op an am Juli ~~dat~~ d'selwecht fier heut och Radio-Fréquence Musique. Hei taucht och elo déi éischt d'Publizitéit bei dese Sender op.

D'Regierung multiplizéiert hir Drounngen a werch mat 8 Deg bis 6 Meent Prisong a Geldstrofen vun 250.000,- bis 150 000,- Frang. Eso-guer eng Lëscht déi am Dezember 1987 vun der Postverwaltung opgestalt gouw signaléiert 29 deser Radio-Statiounen ouni Autorisatioun. Trotz all deem ~~gett~~ gin RFM an och Radio Portugal emmer méi populaire. RFM deen zënter 1986 send huet en immense Succès eso dass hir Bedreiwer 35000 Ennerschréften sammelen déi ~~op~~ hirt Weidderbestoe fuerderen. D'Statioun ~~send~~ ass 24 op 24 Stonnen ze lauschteren an trotz hiere beschränkte Moyen'en ~~bessere Sendungen~~ wéi zb. Sendungen wéi hire "Floh'mart" déi vu Sendung zu Sendung méi Nolauschterer kritt. Reklamme fléissen an an de Wochezeitung LUX Bazar kann een entspriechend Informatioune liesen. Aner Succès'en waren de 'Radio Wecker" muerges op Lëtzebuergesch an owends the Night Trax op Englesch.

Bei Radio Portugal war et selwecht mä op hir Leit ausgericht. Zenter 1988 ware Sie op Sendung a solle bis eng 60 Collaborateure gehat hun. Desen Niveau war eng Etape méi fir sech well lei bal professionell Arbecht geleescht gouw. Sie konnten zesummen mat der portugiseschen Agence Lusa an dem Radio National kollaboréieren; konnten Informationnen flashe senden, Widderluchungen vu Portugiseschen Programmen, direkt Iwerdroungen vu portugiseschen Fussballmätcher an esoguer Culturell Emissiounen. Mä net nemmen fir d'Portugiesen huet dese Sender gedeecht, mä och fir Italiener, Griechen oder Capverdianer déi hei bei eis geliewt hun. ~~Eso~~ Och Cour'en fir Lëtzebuergesch ze léieren si offréiert gin, an hir Musek war stark differenzéiert an Internazional.

D'Resultat war dass dese Sender konnt behapten dass bal 50.000 Personen am Schnëtt sie gëre lauschteren.

An deser Situatioun huet d'Regierung misse reagéieren. Vu Säiten vun RTL kruut Sie natierlech keng Ennerstëtzung well et war jo kloer RTL huet op hieren Accord a Monopolstellung gepocht.

1983 hat d'Regierung dofir selwer eng Commissioun agesat fir am Joer vun der Communikatioun Propositiounen auszeschaffen.

1984 war zu Genf d'international Wellekonferenz. Hei sollen d'Wellelängten frësch verdeelt an zougeordnet gin. Lëtzebuerg krut 13 nei Radio Frequenzen

An den Debatten an der Chamber am Abrëll 1988 versprécht de Regierungs-président Jacques Santer d'Liberaliséierung vun de Radios Fréquenzen a seet d'Viraarbechten vun der Regierung wären ofgeschloss. Et géng elo drëm fir déi politesch Orientatiounen ze huelen a Solutiounen festzeleen fir de Pluralismus vun der Press a vun onser Medielandschaft ~~f~~ ze garantéieren.

De 27 Juli 1991 kuem dann ~~[illegible]~~ endlech d'Gesetz wat d'Monopolstellung vun RTL ofschaft an ausser den Nationale Frequenzen fir ~~RTL~~ Radio Lëtzebuerg an fir een nach ze schafenen Sozio-kulturelle Sender, 4 Regional ~~Radioen~~ a 40 lokal Radioen virgesent.

Eng Commission indépendante de la Radiodiffusion gëtt an d'Liewe geruff a si soll nach am Februar 1992 d'Appel d'offres lancéieren. Bis den 29 Mee 1922 mussen dann och des Demande virleien.

Fir Diddeleng an Ëmgéigend huet Postverwaltung och eng Statioun mat der Fréquenz 103,9 virgesinn.

Wat geschitt elo bei eis hei? Am Januar 1992 wéi d'Gesetz vum Juli 1991 gestëmmt war setzt sech en Arbechtsgrupp zesummen fir eng Propositioun fir eso e Radio-sender zu Diddeleng. An desem Grupp si vertrueden, déi Gréng Diddeleng mam Robert Garcia d'CSV mam Camille Kummer an d'DP mam Marco Michel. Et waren also d'Oppositiouns Parteien aus dem Gemengerot. Dat konnt d'LSAP awer net zo lossen a si kontert mat enger vum Syndicat d'Initiativ aberuffener Informations Réunioun de 4. Februar 92 am Stadhaus. D'allgemeng vertruedene Meenung war, dass dese Radio also Radio Diddeleng iwer parteipolitesch misst gin am Intrêt vun der gesamter Diddelenger Populatioun. Am Kader vum Sydikat d'Initiatif fanne sech Vertrieder aus déne verschiddene Vereiner, déi dann ennert dem Virsetz vum Sydik Präsident Felix Haas eng Demande en due Form ausschaffen an och areechen. Den 11 August 1922 krut dei nei geschafen a.s.b.l. Radio Diddeleng d'Autorisatioun fir eng Radio Statioun opzerichten an den 21 Oktober d'selwecht Joer och d'Erlabnes vum Postminister fir ze senden.

Am Februar 1993 lancéiert Radio Diddeleng séng éischt Versuchssendungen vum fréieren [illegible] Pirate Sender an der Brameschterstross aus, op der Fréquenz 103.9.
Déi offiziell Inauguratioun war de 7. Mee 1993.
Leider hat Postverwaltung net realiséiert dass Diddeleng a Réiser Betebuerg esou no beienaner leien dass allebéid mat dëer selwechter Fréquenz 103.9 een deen aner géive stéieren. ~~.~~ Esou sinn dann och déi entspriechend Problemer entstanen op déi mir haut net wëllen agoen.
Dir auffänkt elo Radio Diddeleng op der Fréquenz 103.6 oder op der Antenne collect. op 100.3 wou mir ~~ab~~ mat Annreck ënnerbriechen.

---



Mir liesen am Tageblatt!

5. Mai - „Begräbnis der Todesopfer von Düdelingen:

Die Stadt Düdelingen hat den Opfern der Arbeit Bockler J.P., Hames Toni und Büffel Ludwig in wirklich imposanter Weise die letzte Ehre erwiesen. Das mag den trauernden Hinterbliebenen ein kleiner Trost sein."

Trauerreden wurden gehalten von Bürgermeister Emil Ludwig und Verbandssekretär Nik. Haupert." *77, 6.5.1932*

Diddeleng schéngt ëmmer engem schlechte Stär ze stoen well de 6te Mee, also den Dag vum Begriewnis, liese mir:

6. Mai - „Gegen 2.15 Uhr ertönt die Feuersirene der Hütte. Im Stahlwerk ist durch Kurzschluß der Motor, der den drehbaren Mischer in Bewegung setzt, außer Betrieb gesetzt. Dadurch fällt der Mischer um, und etwa 200 Tonnen flüssiges Roheisen strömen in die Geleise, über den Platz und bis hinein in den Ölkeller des alten Stahlwerkgebläsebaues. Im Nu stehen die Keller in einem Feuermeer. In den Geleisen ist unterdessen das Gußeisen erstarrt. Das Walzwerk kann nicht mehr mit Stahlblöcken beliefert werden. Die Sprengung des Gußeisens in den Geleisen wird sofort unternommen.

Ausserdem de 27. Mee liest et:

27. Mai - „Ein zwecks Erwärmung des Teeres im hiesigen Gaswerk vollgepumpter Kessel läuft über. Die schwarze Masse fließt ins Feuer. Im Nu brennt alles. Auch ein zweiter Kessel fängt Feuer. Durch schnelles Eingreifen der Feuerwehr kann eine Katastrophe vermieden werden; die Teerkessel stehen nämlich in der Nähe des Gasometers." *77, 27.5.1932*

De 5te Juni emol ëng kleng Noriicht an zwar gëtt dat neit Stadhaus agewei(h)t.
De Grondsteen war am Abrël 1930 geluecht ginn. Also a ronn 2 Joer gouf et gebaut. Wärend dëser Zäit konnte vill Bauaarbechter beschäftegt ginn, wat e groussen Avantage an dëser Krisenzäit war. Dat Ganzt, also d'Gebai, plus d'Platz ronderëm a mat dem Emil Mayrisch Brunnen, an de Kooste wéi och d'Mëwelen a sämtlech Honoraren huet ronn 5,2 Milliounen kascht.
Haut kritt een dofir net emol méi en ~~se~~ ~~Famil~~ e klengt ee Familjen Haus.

schlecht mat den Emmen zesummen. Emmer manner an der Paÿ an zousätzlech Feierschichten. Och lei wéllt d'Gemeng dergéngt steieren a setzt eng Commissioun an fir ze studéieren ob kéng Moyen do sin fir d'Liewensmëttelpräiser ze kontrolléieren respektif versichen se erof ze setzen.
Am Januar 1932 gett emol fir 2 Wochen iwerhaapt net am Feinblechwalzwierk am Friesendal geschafft. Et sin ëbe kéng Commanden do! Dei bestuete Männer gin auswärts beschäftegt an d'Jonggesellen mussen doheem bleiwen.
Well nach ëmmer net genuch Arbecht fir d'Gesamt Belegschaft do ass kréien nach eng 80 Schmelzarbechter gekënnegt. Et gett versicht esou gud wéi méiglech besonnesch neig Sozialfäll ze evitéieren. Esou gi Schmelzarbechter erausgesicht dei méi wéi 65 Joer al sin an Auslänner dei ereischt no 1927 op d'Schmelz kummen an dei héichstens 2 Kanner haten.
D'Stëmmung an der Populatioun ass gespaant an fir all ~~R~~ zousätzlech Reiz ze vermeiden ass et d'Fuesend verbueden sech an de Stroossen, op de Plazen an an de Caféen verkleed a maskéiert ze weisen. Just Fuesmeenden an Halleffaaschtesonndeg ass bis 2 Auer fräi Nuecht.
Am Abrëll gin nach eng Kéier 80 weider Arbechter entloos. Et sin dest awer haaptsächlech Auslänner. Sie kréien d'Reeskäschte bezuelt fir erem heem ze fueren.
Den 3. Mee 1932 ~~as~~ erliewt Diddeleng erem e schwéieren Akzident. ~~a~~ Mir liesen dozou am Tageblatt:

Gestern gegen 5.30 Uhr löste sich von dem in der Kaylerstraße angelegten Kanalisationsschacht, der dort 2,80 Meter tief und 0,40 Meter breit ist, plötzlich schwere Erdblöcke von einer Seite. Hierdurch wurden fünf beschäftigte Arbeiter erfaßt und gegen die andere Seite gepreßt.

Auf die Rufe einer Frau, die das Gräßliche mitangesehen, eilten aus der Nebenstraße die dort beschäftigten Arbeiter herbei und machten sich fieberhaft, mit Männern aus der Nachbarschaft, an die Freilegung ihrer unglücklichen Kameraden. Man fand sie in aufrechter Stellung mit der Schaufel in der Hand. Leider waren drei von ihnen zu Tode gedrückt, ein weiterer schwer und ein fünfter leicht verletzt.

Die Namen der Toten lauten: Bockeler J.P., 30 Jahre alt wohnhaft in der Adolfstraße, Hames Toni, 25 Jahre alt, wohnhaft in der Kaserne Sufftgerstraße, Büffel Ludwig, 19 Jahre alt, aus der Brunnenstraße. Alle drei sind unverheiratet. Bentz Nik., verheiratet und Vater von fünf Kindern, wurde in bedenklichem Zustand ins Spital gebracht. Der fünfte Mann, Koch Prosp., kam mit dem Schrecken davon."

*77, 4.5.1932*

D'ganz Populatioun hellt grousse Undeel un desem Ongléck a fir den Hannerbliewenen hire Beileed auszedrécken, ass bal all Famill beim Begriefnis derbei

D'Feierlechkeeten waren och entspriechend. Mat engem grousse Fakelzug a Concert'en vun eisen 3 Musékgesellschaften um Virowend. Den Dag selwer Empfang vun de fäerscht Awerkung vum Stadhaus an dem Kiosk wo um 11 Auer d'Militär Musék e Concert gett - Natierlech e Festiessen - Dono erem en Ëmmzuch - weider Concert'en vun eise Musecken an deene verschiddene Quartie'en an um 5 Auer de Schluss Fussball-Match fir d'Coupe vun der "Union Sportive". Um 19 Auer grousst Nuetsfest mat Bal'en an der Muttbellef vun der Damensektioun vum Turnverein Union.

An als Ofschloss Bal am Festsaal vum Stadhaus an op der Stadhausplatz.

Domadde mache mir fir haut Schluss, obschon d'Joer 1932 nach eiwer as wou nach eng Rei schlecht a gud Nouvellen ze verzeechne sin.